■Le contrat est conclu pour une durée de 2 semaines, fixant un **horaire de travail de 07h00 - 12h00 et de 13h00 - 16h00** ■Un maximum de 4 étudiants est prévu par période ■Seules les candidatures d'étudiants résidant dans la Commune de Wormeldange sont recevables, sous condition que l'étudiant soit âgé entre 16 et 21 ans ■Pour que la demande soit complète, un **certificat de scolarité*** doit impérativement être joint à la demande d'embauche ■Les étudiants ne peuvent à la fois être embauchés par le «Schoulsyndikat Billek» et la Commune ■Formulaire à retourner pour le **14.05.2021 au plus tard** ■Le présent formulaire est téléchargeable sur **www.wormeldange.lu** *(sous réserve que le contexte du Covid-19 permette l'occupation d'étudiants en été)*

## INFORMATIONS SUR LE DEMANDEUR

**Je soussigné/e** ........................................ ........................................
Nom Prénom

Demeurant à .......... ........................................ L-☐☐☐☐
Numéro Rue

........................................
Localité

Né/e le ........................................ à ........................................
Date de naissance Lieu de naissance

Matricule ........................................
AAAA/MM/JJ/XXX/$C_1$/$C_2$

Inscrit/e à l'école* ........................................
Nom de l'établissement scolaire fréquenté

Contact: ........................................ ........................................
Numéro de téléphone E-Mail

Données bancaires: ........................................ ........................................
Compte IBAN Banque

**souhaite poser ma candidature pour un job étudiant au sein de l'Administration Communale de Wormeldange**

## DISPONIBILITÉS

- ☐ (1) du 21 juin au 2 juillet 2021
- ☐ (2) du 5 juillet au 16 juilllet 2021
- ☐ (3) du 19 juillet au 30 juillet 2021
- ☐ (4) du 2 août au 13 août 2021
- ☐ (5) du 16 août au 27 août 2021
- ☐ (6) du 30 août au 10 septembre 2021
- ☐ (7) du 13 septembre au 24 septembre 2021


**pièce à joindre obligatoirement: Certificat de scolarité**

........................................ ,le ..................2021 ........................................
localité date signature de l'étudiant ou du représentant légal

# MOBILITÉITSOFFER

**En Iwwerbléck vun de Buslinnen vum RGTR-Reseau *(Régime général des transports routiers)* déi um Territoire vun der Wormer Gemeen fueren.** Den RGTR-Buslinnereseau besteet hei an der Gemeen aus 11 Schoulbuslinnen a 7 aneren ëffentleche Linnen. Mat der Ëmstrukturéierung vum Reseau soll d'Nummeréierung vun de Linnen sech an Zukunft nach änneren.

| N°Ligne | Tracé | Arrêts dans la Commune |
|---|---|---|
| 135 | Grevenmacher - Machtum - Ahn - Niederdonven - Oberdonven - Flaxweiler - Betzdorf - Roodt-Sur-Syre - Niederanven - Senningen - Senningerberg - Luxembourg Kirchberg | Deisermillen - Gëllebur - Bei Kallek's/Ongkaf - Op der Bréck |
| 130 | Machtum - Grevenmacher - Berg - Betzdorf - Roodt-Sur-Syre - Niederanven - Senningen - Senningerberg - Kirchberg | Ongkaf/Bei Kallek's - Gëllebur - Deisermillen |
| 150 | Ahn - Wormeldange - Ehnen - Héttermillen - Greiveldange - Lenningen - Canach - Oetrange - Sandweiler - Luxembourg Gare - Howald, Ronnebësch | Alphonse Steinès /Op der Musel - Kellerei - Gemeen - Gewân - Ieselsbréck/Puddel - Bromelt |
| 152 | Ehnen - Wormeldange/Haut | Puddel/Ieselsbréck - Neie Wee - Lehboesch - Lehboesch 2 - Bei der Körch - Hiehl |
| 157 | Saarburg (D) - Merzkirchen - Bilzingen Ort - Wincheringen - Wormeldange - Luxembourg Kirchberg | Gemeen |
| 450 | Remich - Stadtbredimus - Ehnen - Wormeldange - Ahn - Machtum - Grevenmacher | Bromelt - Puddel/Ieselsbréck - Gewân - Gemeen - Op der Bréck/Erdkaul - Kellerei - Op der Musel - Alphonse Steinès - Ongkaf/Bei Kallek's - Gëllebur - Deisermillen |
| 309 | Grevenmacher - Machtum - Ahn - Wormeldange - Ehnen - Stadtbredimus - Remich - Ellange - Mondorf-les-Bains - Altwies - Esch/Belval | Bei Kallek's/Ongkaf - Alphonse Steinès - Gemeen - Ieselsbréck/Puddel |


Kirchberg 130
Kirchberg 135
Kirchberg 157
Howald, Ronnebësch
Rocade Quai 3 150
135
Grevenmacher
130
Machtum
150
Ahn
152
Wormeldange
Saarburg
157
Ehnen
450
Remich 450
Belval 309
309

# Schülertransport

## *courses scolaires*

**D'Kanner aus dem Secondaire kënnen och op d'RGTR-Busser zeréckgräifen,** déi eenzel Lycéeën a Schoul-Campussen am Land ufueren. Dorënner si Staater-Lycéeën awer och där aus dem méi ländleche Raum am Norden an am Osten vum Land. Doniewent huet een esouguer eng Verbindung an eng grenziwwerschreidend Schoul.

### campus scolaire Geesseknäppchen

131 151

Athénée de Luxembourg (AL)

École de Commerce et de Gestion (ECG)

Lycée Michel-Rodange Luxembourg (LMRL)

Lycée Aline Mayrisch Luxembourg (LAML),

### campus scolaire Lampertsbierg

131 151

Lycée des Arts et Métiers (LAM Limpertsberg)

Lycée de Garçons Luxembourg (LGL)

Lycée Robert-Schuman (LRSL)

Lycée Michel Lucius (LML)

Lycée technique du Centre (LTC)

### Osten- Gréiwemaacher

453 455 457 464

Maacher Lycée Grevenmacher (MLG)

### Norden- Miersch

423

Lycée Technique pour Professions Educatives et Sociales (LTPES)

Lycée Ermesinde (LEM)

### Osten- Jonglënster

141

Lënster Lycée Junglinster (LLJ)

### Osten- Pierel

183 182

Schengen Lyzeum (SLP)

### Osten- Munneref

186

École internationale de Mondorf-les-Bains (EIMLB)

# Riesling Express

## *Ruffbus Service*

**Mo-Fr 08.30 an 17.30!** Mam Ruffbus deen Enn 2019 a Betrib geholl ginn ass, huet d'Gemeen Wormer hir Mobilitéitsoffer erweidert. De Rieslingexpress fiert op Demande eenzel Destinatiounen aus de Nopeschgemeenen un.

**Dräibuer** -
Maison Relais, Billek
**Gemeenegebitt**

**Mäertert** - Copal

**Briedemes** - Restaurant Tourelle,
Restaurant Ecluse, Sportshal Jeannot Bonifas

**Maacher** - Moartplaz, Bus-Gare, Aktiva
Potaschbierg, Op Flohr, Copal,
Altersheem Saint-François

**Réimech** - Altersheem Jousefshaus, Cactus, Bus-Gare,
Place de la Résistance, Moes Frères, Sportshal "Gewännchen"

**Bëlleg** - Fleegeheem Op Lamp,
Club Senior Muselheem

**Munneref - Impfzenter*
*destination temporaire*

**28 108 - 38**

** Munneref: Dës Offer riicht sech ausschliisslech un eis Awunner 65+ an héich-vulnerabel Persounen déi sech mat hirer Invitatioun een Impf-Rendez-vous huele wëllen, mee keng Fortbeweegungsméiglechkeet hunn (Auto, Familljemember, Adapto, Soins à domicile).*





Mir traueren ëm de

# LEO STEFFES

verstuerwen de 14. Dezember 2020

fréiere Receveur 01/06/1961 - 30/09/1962
fréiere Gemeenesekretär 01/10/1962 - 01/09/1994

SDK

RESSOURCEN
INNOVATIOUN
NOHALTEGKEET
CIRCULAR ECONOMY

SuperDrecksKëscht ®

**UM CENTRE DE RECYCLAGE KUNDEL**

**freides 13h30 - 16h30**
**samschdes 09h00 - 15h00 !**

# SUPERDRECKSKËSCHT
# ELO OCH FREIDES

Chers citoyens,

Depuis le 1er janvier 2021 et durant les weekends d'ouverture du Kundel *(ve 13h30-16h30; sa 09h00-15h00)* **le parc à conteneurs mobiles de la Superdreckskëscht est également présent sur le site du Kundel le vendredi** dès 13h30.

Pour obtenir le calendrier complèt des ouvertures du Kundel, veuillez vous rendre sur

**www.wormeldange.lu**

# CENTRE RECYCLAGE KUNDEL

NOTE D'INFORMATION
**- Gemeen Wormer**




- Bildung
- Aarbecht
- Engagement
- Wunnen
- Gesondheet
- Alldag

**CONTACT**
Jugendhaus Wormeldange
TÉL.: 621 338 125
andrea.hodri@croix-rouge.lu

# JUGENDINFOLABEL

**D'Jugendhaus Wormer ass mam Label «Jugendinfo» ausgezeechent ginn.** Den 18. November 2020 ass d'Konventioun tëscht der Agence Nationale pour l'Information des Jeunes (ANIJ), der Gemeen Wormer an der Croix Rouge ënnerschriwwe ginn. De Label steet fir eng héichwäerteg Qualitéit vun der Informatioun, déi déi Jugendlech hei kréien. E garantéiert och déi stänneg Formatioun vun den aktiven Educateuren. Dat forméiert Personal gëtt Äntwert op wichteg Froen aus de Beräicher "Bildung", "Gesondheet", "Aarbecht" "Engagement" "Alldag" a "Wunnen".

# Äddi, Carlo

03/07/1953 - 12/02/2021











© Carlo Rinnen





© Carlo Rinnen





© Fernand Dax



Den 12. Februar 2021 ass de Carlo Wagner, fréiere Buergermeeschter vun der Gemeen Wormer, fir ëmmer vun eis gaangen. Kommt, mir huelen Iech mat zeréck an d'Zäit an där hien hei aktiv war.

De Carlo huet wärend senge 5 an 1/2 Joer als Buergermeeschter (01/01/1994 - 07/08/1999) all d'Hiewelen a Beweegung gesat, datt mir eng Dëschtennis-Hal an ee Pompjeesbau op Meechtem kréien, d'Schoul zu Dräibuer vergréissert gëtt, Ohn e Festsall huet an de Centre Culturel zu Wormer renovéiert gëtt, den FC Koeppchen Wormer nei Vestiairen an Tribüne kritt, d'Gemeen ëmgebaut gëtt, de Kär vun Éinen e Parking kritt,... an där Meritten huet en nach.

Am Laf vu senge knapp 20 Joer an der Chamber an an der Regierung, hu mir mat him zesumme villes erreecht. Mam Carlo als Député-Maire, waren d'Weeër vun eisen Uleiesse bis an d'Landespolitik däitlech méi kuerz. Och mat him als Minister, war dat net anescht.

Hien war een iwwerzeegte Misler an deejéinegen, deen ëmmer vun der Rieslingsgemeen geschwat huet. No engem kuerze Facelift vum Wormer Wäimoart, gouf doraus "En Dag beim Wënzer", den haitege Riesling Open - e mëttlerweil landbekannte Fest.

Domat huet hie seng Spueren hannerlooss. Hei op d'Welt komm, opgewuess, bestuet, eng Famill gegrënnt a seng dach vill ze kuerz d'Pensioun genoss. De Carlo war mat senger Heemechtsgemeen ëmmer enk verwuerzelt.

## 01.01.1994

**Gemeenewalen vun Oktober 1993** - Borgermeeschter vun der Gemeen Wormer mat de Kollegen Frantz Jeannot, Hengel Mathis, Sadler Jean-Marie, Modert Lucien, Demuth Ern, Lemmer Armand, Linden Jean, Ley-Schartz Christiane a Greiveldinger Raymond

## 18.07.1994

**Chamberswalen 12. Juni 1994** - Als Ost-Kandidat de Sprong an d'Chamber gepackt a soumat fir déi nächst 5 Joer Député-Maire

## 07.08.1999

**Chamberwalen 13. Juni 1999** - Minister fir d'sozial Sécherheet a Gesondheetsminister an der schwaarzbloer Regierung woufir hien d'Borgermeeschterschärp huet missen ofleeën

## 03.08.2004

**Chamberwalen 13. Juni 2004** - Als Deputéieren an der Chamber aktiv

## 08.07.2009

**Chamberwalen 7. Juni 2009** - E vun de 7 Volleksvertrieder aus dem Bezierk Osten

## 20.10.2013

**Récktrëtt aus der Politik** - No knapps 20 Joer an der Landespolitik, 3 Deputéiertemandater an engem Ministeramt keng nei Kandidatur fir déi virgezunne Chamberwale vum 20. Oktober 2013

# PO 21

# MAACHER LYCEE

Mir sinn **op** fir Iech!

## PORTES OUVERTES

- Visite virtuelle en ligne
- Visites guidées individuelles sur rendez-vous
- Possibilité de préinscription

Informations et formulaires disponibles sur notre site

**po.maacherlycee.lu**

18, rue de Muenschecker | L-6760 Grevenmacher
Tél: 75 06 65 - 0 www.maacherlycee.lu
E-mail: secretariat@mlg.lu

MAACHER LYCEE

# 22 Froen

## DEEN NET JUST POLITESCHEN INTERVIEW, MAM MARTINE KOHLL

**Wien ass d'Martine Kohll?**

En Éiner Meedchen, 43 Joar jonk, bestuet a Mamm vu 2 Bouwen

**Eenzelkand oder Geschwëster?**

Een „klee" Schwester

**Wien huet dech mat an d'Politik geholl?**

Den haitege Borgermeeschter Mathis Ast huet mech motivéiert mat an d'Gemeenepolitik ze gon.

**Wéi eng Dossiere leien dem Martine um Häerz?**

Virun allem den Oenotourismus an d'Betreiung vun éise Kanner

**Dat dreift mech op de Bam:**

Onéierlechkeet, wann een meent ët kéint een d'Leit fir domm verkaafen

**Wormer, Wuermer oder Wuermeldeng?**

Als Miseler Meedchen, natiirlech Wormer

**Déi eenzeg Gemeng am Land déi...** E Wäimusée huet dee scho säit 2 Joar am Ëmbau ass a wou näischt geschéit 😉

**Wéi vill Stonne falen d'Woch fir d'Politik un?**

Daat ass ganz ënnerschiddlech, déi meeschten Zäit sin ech am Schoulsyndikat engagéiert.

**No engem laangen Dag, gladdert d'Martine no ...** eener gouder kaaler Kippche Crémant.

**Direktiounssekretärin um IVV, Gemeenerotsmember, Wënzerfra, Mamm vun 2 Kanner, wéi packt een do de Spagat?**

Daat geet nëmmen wann een motivéiert ass a sech gär engagéiert, een goud Organisatioun ass alles. Virun allem muss d'Famill awer zu 100% hannert eem ston.

**Als Member vum Schoulsyndikat stellt sech d'Fro, wéi war d'Martine dann als Schülerin?**

Et si Fächer gin déi ech léiwer haat wéi aanerer.

**Presidentin vum Éiner Wënzerdag, eng Roll déi mir...**

vill Freed bereed. Nierwend dem Wäifest daat mir all Joar organiséieren ass ët mir och wichteg de Patrimoine ze erhaalen.

**Gëtt et een Lieblingswäifest fir d'Martine?**

Ech gin am léifsten op déi Wäifester wou ech nët brauch ze schaffen, daat schéinste Wäifest ass awer den Éiner Wënzerdag 😉

**Wéini hues de d'Decisioun geholl de Familljebetrib ze iwwerhuelen?**

Nodeems mäi Papp 2001 vill ze jonk an onerwoart gestarwen ass, woar ët fir mech kloar de Familljebetrieb zesumme mam Frank weiderzeféieren.

**Den Horesca-Secteur läit um Buedem, wéi hält d'Martine säi Betrib iwwer Waasser?**

An dëser Pandémie ass ët fir keen einfach, virun allem nët fir den Horesca-Secteur. D'Fermeture vun der Horesca an d'Ofso vun allen Evenementer a Fester huet dozou bäigedron dat manner Wäin kaaf gin ass. Dorrech d'Digitalisatioun hu mir probéiert de Client ze erreechen an éise Produit un de Mann/Fra ze bréngen.

**Vun der Bongenaktioun hei an der Gemeen hunn ech mir erwaart, datt** d'Awunner déi kommunal Wirtschaft ënnerstëtzen an datt d'Leit och an Zukunft „lokal" denken.

**Beim Pättche Riesling zerwéiert d'Martine am léifsten:**

een typësch lëtzeborgesche Plat: Haam, gebootschte Gromperen an Zalot

**Öko- oder Oenotourismus?**

Een Kombinatioun vu Béidem ass perfekt. Mir hu flott Wander- a Velosweéër an och een Vielfalt vu Wënzer mat hire flotte Wäistuffe wou een no eener sportlecher Aktivitéit an der Natur e Pättche genéisse kann.



**Wann een d'Martine aluet, mécht een him eng Freed mat:**

zesumme kënnen ze diskutéieren, sech géigesäiteg auszetauschen an dobäi e goude Pättchen ze genéissen.

**Am Joer 2021 freeën ech mech op:**

alles, op daat ech 2020 hu misste verzichten. Ech bleiwen optimistësch, dat déi sanitär Situatioun sech am Laf vum Joar verbessert an dat mir nees zréck zur Normalitéit fannen.

**Aus der Coronakris hunn ech matgeholl, datt ...**

een gesäit dat mir virun der Pandémie verwinnt woaren an dat ët nët einfach ass op verschidde Saache ze verzichten.

**Wéi weist sech d'Kollegialitéit tëscht de Conseilleren?**

Mir sin een jonk an dynamësch Equipe déi nach vill Zieler erreechen a Projeten réaliséiere wëll. Teamgeescht a Kollegialitéit sin immens wichteg, ouni daat géif ët nët gon.

Gemeen Wormer

# COMMANDE COLLECTIVE POUR VIDANGE DES FOSSES SEPTIQUES

*Sammelauftrag für die Entleerung der Klärgruben*

- La Commune de Wormeldange a convenu avec la **société LAMESCH S.A** qu'elle procède **deux fois par an (mi-mai et mi-novembre)** à une vidange collective des fosses septiques situées sur le territoire de la Commune de Wormeldange
- Plus la commande est grande, plus les frais de déplacement à payer par chaque ménage concerné seront faibles
- Le formulaire est à renvoyer à l'Administration Communale de Wormeldange **- c/o Jeff Schneider - B.P. 7 - L-5507 Wormeldange / technique@wormeldange.lu** pour la fin du mois précédant le programme

## INFORMATIONS SUR LE DEMANDEUR/*Informationen zum Antragsteller*

Demandeur: ............................ Nom/*Name* ............................ Prénom/*Vorname*

Adresse: ........ Numéro ............................ Rue/*Straße* L-□□□□

............................ Localité/*Ortschaft*

Contact: ............................ Numéro de téléphone (ligne fixe)/*Festnetz* ............................ Numéro de téléphone portable/*Mobiltelefonnummer*

............................ E-Mail

**désire participer à la commande collective pour vider ma fosse septique à l'adresse suivante/**
***möchte am Sammelauftrag für die Entleerung meiner Klärgrube an folgender Adresse teilnehmen:***

Adresse: ........ Numéro ............................ Rue/*Straße* L-□□□□

............................ Localité/*Ortschaft*

## *PARTICIPATION À LA COMMANDE COLLECTIVE POUR VIDANGE*

☐ **Mai 2021** *(cocher s.v.p. ce qui convient)*

☐ **Novembre 2021** *(cocher s.v.p. ce qui convient)*

Date de la demande: ............................ JJ/MM/AAAA ............................ Signature/*Unterschrift*

# FOSSE SEPTIQUE

**Ären Uspriechpartner:**

**Adressez-vous à:**

Jeff Schneider 76 00 31 - 355

jeff.schneider@wormeldange.lu

## SAMMELBESTELLUNG (MEE & NOVEMBER)

**2x am Joer (Mëtt Mee, Mëtt November) mécht d'Gemeen eng Sammelbestellung fir privat Fosse vun der Firma Lamesch eidelmaachen ze loossen. Wat d'Bestellung méi grouss gëtt, wat d'Ufaartskäschten pro Stot méi niddereg ginn.**

**Dir wëllt och dovu profitéieren?**

☑ Da loosst Iech bis spéistens Enn Abrëll oder Oktober beim Jeff Schneider op d'Lëscht fir d'Sammelbestellung schreiwen

☑ Et ass een net automatesch an dësem Programm dran, wann dir de Lamesch ausserhalb vun dëser Period bestellt gëllen déi favorabel Tariffer net

☑ Op Grond vun dëser Lëscht hëlt d'Firma Lamesch Kontakt mat Iech op an deelt Iech de genauen Datum an Zäit fir d'Eidelmaache vun Ärer Fosse mat

## COMMANDE GROUPÉE (MAI & NOVEMBRE)

***La Commune de Wormeldange a convenu avec la société LAMESCH S.A qu'elle procède deux fois par an (mi-mai et mi-novembre) à une vidange collective des fosses septiques situées sur le territoire de la Commune de Wormeldange.***

*Plus la commande est grande, plus les frais de déplacement à payer par chaque ménage concerné seront faibles.*

**Voulez-vous en profiter?**

☑ Faites-vous inscrire auprès de M. Jeff Schneider jusqu'à fin avril pour la commande du printemps et fin octobre pour celle d'automne.

☑ Vous ne faites pas automatiquement partie de ce programme bi-annuel. Les commandes en dehors des périodes mentionnées ne bénéficient pas du tarif favorable.

☑ Sur base de la liste que nous communiquerons à l'entreprise Lamesch, vous serez contactés afin de vous informer de la date et de l'heure de la vidange.

# Seniorefeier

## Fête des seniors




***Dezember 2020.*** Aus bekannte Grënn konnt de Gemeenerot lech dës Joer net perséinlech am Centre Culturel gesinn, dofir huet de Schäfferot sech eppes Alternatives afale gelooss. An der Woch vum 21. Dezember, kuerz viru Chrëschtdag, kruten all eis Matbierger (>65 Joer) eng Fläsch vun eisem Éirewäin heembruecht. 512 Awunner konnten sech iwwert ee schéin verpaakte « Riesling Heiligenhäuschen » freeën.

***Décembre 2020.*** *Pour des raisons connues, la fête de seniors n'a pas pu avoir lieu cette année. Le Collège échevinal a trouvé une chouette alternative. On a espéré avoir ramené l'esprit des fêtes chez nos 512 habitants seniors qui ont reçu une bouteille de notre vin d'honneur « Riesling Heiligenhäuschen », un accompagnement idéal pour les repas de fête.*




# Lebendige Moselweinberge

Den **Ohner Pällembierg** ass bekannt fir seng Aartevillfalt, seng Dréchemaueren an de Pällem natierlech, deen hei wëll wiisst. Dat huet och den Dienstleistungszentrum Ländlicher Raum (DLR) Mosel erkannt an den Pällembierg als éischte Leuchtpunkt a ganz Lëtzebuerg ausgezeechent. Zesumme mat dem Tourismusministère, dem Landwirtschaftsministère, dem ORT, der Wormer Gemeen, der Entente touristique an der Confrérie du Palmberg ass ee Film doriwwer veréffentlecht ginn.

Hei léiert Dir ënnert anerem och d'Naturerliefnisbegleederin, Jutta Kantstein, kennen. Si verbréngt hir Fräizäit gären op der Musel an ass kënneg hei. Mat vill Fachwëssen bitt si de Wanderer eege Leuchtpunktwanderungen un a begleet si duerch de Pällembierg.

De Film an déi aner Leuchtpunkte, fannt Dir op **www.lebendige-moselweinberge.de**


***WOSST DIR SCHONN?*** *2013 ass d'Traumschleife "Wäin- an Naturpad Pällembierg Ohn" ageweit ginn a war soumat déi Éischt vun 3. 2020 war de Wanderwee vun immensem Succès gekréint. Dat lescht Joer waren 4.673 Leit op der Ohner Traumschleife ënnerwee! Bal duebel souvill wéi nach dat Joer virdrun. Dëse Succès däerf allerdéngs net op Käschte vun eiser Natur goen.*



# 58

## VERSCHIDDE NATIONALITÉITE LIEWEN AN DER WORMER GEMEEN

(Stand: 8. Februar 2021)



**D'Lëtzebuerger sinn zu 1.847 a maachen méi ewéi d'Halschent vun der Populatioun aus (60,3 %).** Bei denen ausläneschen Communautéiten sinn déi portugiesesch (16,4 %), déi däitsch (4%), déi franséisch (3,1%), déi belsch (2,2%) an déi italienesch (1,4%) am stärkste vertrueden. Dëst ass och iwwert d'ganz Land gekuckt +/- d'Reegel. 1.037 Leit hunn d'Nationalitéit vun engem aneren EU-Land an 177 Leit hunn hir Originnen a Net-EU-Länner. Vun den Net-EU-Länner hunn d'Britten d'Nues vir, mat 28 Leit déi hei an der Gemeen liewen. Vum afrikanesche Kontinent ass déi kapverdianesch Nationalitéit am beschte vertrueden (9), beim amerikanesche Kontinent sinn et d'Brasilianer (14), beim asiatesche Kontinent sinn d'Chineesen (17) zueleméisseg vir.

Op Initiative vun der Sektioun Wormer vun der a.s.b.l. natur&ëmwelt, ass de 6. Oktober 2019 déi éischt Editioun vum „Multikulti-Brunch" ofgehale ginn, bei deem 15 Natiounen (Cap Vert, Brasilien, Kroatien, Serbien, Portugal, Italien, Tschechien, Senegal, Tierkei, Iran, Eritrea, Dänemark, Ungarn, Lettland, Lëtzebuerg) mat hire jeeweilege kulinaresche Spezialitéiten vertruede waren. Dësen Integratiounsprojet hat en immense Succès.

*Au niveau de la commune, la population est composée de 60,3% de Luxembourgeois et de 39,7% de personnes ayant une nationalité différente. La communauté portugaise est la communauté étrangère la plus représentée sur le territoire de la Commune de Wormeldange, soit 16,4% de la population.*

*Communauté allemande: 4%*

*Communauté française: 3,1%*

*Communauté belge: 2,2%*

*Communauté italienne: 1,4%*

# MIR FEIEREN

1. Fir säin 20 Anniversaire als Staatschef, krut de Grand-Duc Henri vun der OPVI, der Vinsmoselle, dem Wäinhandel an dem ORT op Schlass Bierg e Wéngert geplanzt. Eise Buergermeeschter huet och eng Hand mat ugepaakt.
2. Den Organisatiounscomité huet d'Ausstellung « FC Koeppchen, a century of football » am Mäerz fir de Public opgemaach. Bei engem Rondgang huet een en interessanten Abléck an d'Veräinsgeschicht kritt a gesi wéi vill Aarbechtsstonnen an d'Organisatioun vun döser Expo gefloss sinn.



1 E Wéngert op Schlass Bierg - 16. Oktober 2020






2 Centenaire FC Koeppchen Wormer - Mäerz 2021





## Mike ZIMMER

**Steemetzer - Service Technique**

Mam Mike senger Astellung den 19. Oktober 2020, ass d'Ekipp vun der Regie geschwënn nees komplett. Dobaussen ass de Mike meeschtens mam Ralph, mam Mike M. oder mam Hysni aus der Ekipp "Voirie" um Tour. Hien ass vu senger Ausbildung hir Steemetzer an huet direkt bewise wat e kann andeems en den Duerchbroch tëscht den alen a neie Büroe gemaach huet.



## Pascal WELTER

**Redakter - Bureau de la population/État civil**

Zënter dem 1. Januar 2021, héiert dir dem Pascal seng schéi Stëmm um Telefon. Wann Dir an der Zäit op Baler ënnerwee waart, erkennt Dir se villäicht. Säitdeem hien hei ass mécht hien allgemeng Sekretariatsaarbechten, hie mellt awer och nei Awunner un, traitéiert Ufroe fir Identitéitskaarten a Päss, stellt divers Certificaten a Chèque-Service Kaarten aus, mécht d'Dossiere fir Hochzäite prett a schléisst PACSen of, a villes méi. Bei guddem Wieder kënnt de Pascal gär mam Vëlo bis op d'Schaff.

# FUERPARK

Eng integréiert Wierkbänk erméiglecht de Jongen et elo zum Beispill sur place Luuchten ze flécken, esou datt se dofir net méi brauchen extra an den Altelier zeréckzefueren.

24. Februar 2021



## GEMEENE-CAMIONNETTE

D'Elektresch Ekipp huet hir eege vollekipéiert Camionnette kritt, duerch déi hir Aarbecht erliichtert gëtt. D'Camionnette an der Faarf Moondust silver vun der Mark Ford ass geraimeg a bitt vill Stauraum.








Den Interieur vun der Camionnette ass ganz geraimeg. Déi eenzel Regaler suerge fir vill Verstauméiglechkeeten, dëst verschaaft eise Jongen dee grousse Virdeel d'Camionnette net scho mussen den Dag virdrun ze lueden. Dat néidegt Material hu si sou ëmmer mat derbäi.

# MIR BAUEN

27. November 2020

## VIRUN A RONDERËM D'GEMEEN



### Et geet virun

Nach virum Congé am Dezember ass d'Lach virum Gemeenenhaus zoubetonéiert ginn. Hei entsteet d'Entrée vum zukünfteg renovéierte Keller.

Och nieft dem Gemeenenhaus geschitt esou munches. Déi lescht Méint ass hei un engem ënnerierdesche Retentiounsbaseng geschafft ginn. Well mir mam Bau vum Parkhaus hannert der Gemeen eng grouss Fläch versigelt hunn, hu mir missen ee Retentiounsbaseng fir d'Reewaasser bauen. Dëst erméiglecht eis d'Waasser gedrosselt an d'Baachen an an d'Musel oflafen ze loossen.

Als nächst ginn d'Alentoure vum Parking gemaach. Den Zoufaartswee fir an de Parking wäert laanscht d'Gemeen verlafen.

3. Februar 2021





19. Mäerz 2021

# OÙ EN SOMMES-NOUS?

Remplie de béton avant le congé collectif en décembre, l'entrée pour accéder aux sous-sols de la Mairie prend forme.

La construction du parking derrière la Mairie engendrera une imperméabilisation des surfaces. Afin de déverser de façon contrôlée les eaux pluviales dans les ruisseaux et la Moselle, nous avons dû procéder à la construction d'un bassin de rétention souterrain. Ce dernier fut terminé il y a quelques jours.

La voie d'accès au parking passera le long de l'extérieur de la Mairie et sera aménagée lors de la prochaine étape.



### TECHNESCH DONNÉEËN

48 Solarmoduler vun 320 W
**Joresertrag:** 15.200 - 15.600 kWh
**Leeschtung vun der PV- Anlag:** 15,36 kWp
**Dachfläch:** 82m²
**Invest:** 21.808,98 €
**Subside:** 3.575 €

# STROUM PRODUZENT

Säit 2014 produzéiere mir duerch d'Solaranlagen op den Diecher vum Gebai vum FC Koeppchen Wormer (2014) an um hënneschten Daach vum Schlikebau (2015) selwer Stroum. Wa mer ëffentlech Gebaier opzielen déi hei an der Gemeen eng PV-Anlag hunn, dann kënne mer och d'Maison Relais (2014) ernimmen, déi awer vum Schoulsyndikat Billek gedro gëtt.

Am Januar 2021 ass och um Daach vum Festsall zu Ohn eng Photovoltaïk-Anlag montéiert ginn. D'Installatioun gouf an Zesummenaarbecht mat Topsolar realiséiert. Op den 82m² déi den Daach miesst leien 48 Solarplacken. Andeems dës Fläch no Süden ausgeriicht ass, huet d'Anlag eng optimal Expositioun fir Solarenergie.

Dëst ass deemno schonn déi 4 Anlag déi op ëffentleche Gebaier an der Gemeen a Betrib geholl ginn ass. Et wär schued wa Gebaier mat sënnvolle Süd-Flächen net giffen fir d'Photovoltaïk genotzt ginn.

D'Anlag ass un d'Stroumnetz vun der CREOS ugeschloss an de produzéierte Solarstroum gëtt integral an dat ëffentlecht CREOS Netz agespeist. Andeems mir eise produzéierte Stroum an de Reseau weiderginn kënne mir vun Aspeistariffer profitéieren.

E Monitoring vun der Photovoltaïkanlag gëtt eis Donnéeën iwwert d'Stroumproduktioun. Dëse Stand gëtt net op engem Panneau ugewise mee kann iwwert ee Link konsultéiert ginn.

**Dir denkt iwwer d'Solarenergie no? Mat Hëllef vum Solarkadaster (www.cadastre-solaire.wormeldange.lu) kënnt Dir d'Solarpotenzial vun Ärem Gebai bewäerten. Hei gëtt Iech och direkt eng Schätzung vun der Leeschtung vun der PV-Anlag proposéiert.**

*En janvier 2021, des panneaux photovoltaïques ont été installés sur le toit de la salle de fêtes à Ahn. Pour la réalisation, nous avons recouru aux prestations de la société Topsolar. Le toit qui mesure 82m² est couvert de 48 panneaux solaires. L'exposition sud est idéale pour l'installation photovoltaïque.*

*Ce fut la 4ème installation photovoltaïque montée sur un de nos bâtiments publics (FC Koeppchen Wormeldange, 2014; Maison Relais à Dreiborn, 2014; Centre Culturel à Machtum, 2015; Centre Culturel à Ahn, 2021).*

*L'électricité solaire produite sur la toiture à Ahn est intégralement injectée dans le réseau public CREOS.*

***Pour savoir si votre toiture est adaptée pour une installation photovoltaïque, consultez le cadastre solaire*** **(www.cadastre-solaire.wormeldange.lu).** ***Vous y trouverez également une première estimation de la puissance de l'installation qui pourrait être aménagée sur votre toiture.***

# LIICHTBLÉCKER FIR EIS ËMWELT

**Et gëtt villes ze verbesseren, mee och muenches ze luewen:**

## KLIMASCHUTZ

Klimapakt säit 2012:
All d'Gemengen hu sech engagéiert!

→ Finanziell Ënnerstëtzung vum Staat fir klimafrëndlech Mesuren

## BIODIVERSITÉIT

Biologesch Kris = weltwäit

Mee: Positiv Resultater mat gezilte Schutzprogrammer hei am Land

- Biber
- Laubfrosch
- Steinkauz



## OUNI PESTIZIDEN

**2016** Den ëffentleche Beräich ass per Gesetz pestizidfräi

**2021** Éischt Land an Europa wat Glyphosat verbitt

## MOBILITÉIT

Mäerz 2020 :

Éischt Land op der Welt an deem all ëffentlechen Transport gratis ass

## DRÉNKWAASSER

Waasser vum Krunn

= strengstent kontrolléiert Liewensmëttel vun allen Zäiten

## NATURSCHUTZ

**75%** Naturschutzsyndikat oder Naturpark

→ Méi Beem, Hecken a Bléisträifen ewéi viru 25 Joer

Natura2000-Naturschutzgebitt: 27% EU 18%

*Wou dréis du eppes bäi?*

Ëmweltberodung Lëtzebuerg a.s.b.l.
ebl.lu / info@ebl.lu

**Publizéiert vun:**

KlimaPakt

**E klenge Schrëtt fir mech, e grousse Schrëtt fir meng Ëmwelt**
**Un petit pas pour moi, un grand pas pour l'environnement**

Als Member vun der Ëmweltberodung Lëtzebuerg asbl, huet d'Gemeen Wormer sech ugemellt fir beim Projet **«kleng Schrëtt»** matzemaachen.

**Wien ass d'EBL?** D'Ëmweltberoodung Lëtzebuerg asbl ass eng onofhängeg Organisatioun déi als Uspriechpartner vun de Gemenge Beroodung am Ëmweltberäich, Formatiounen am fachleche Beräich, Publikatiounen zu Ëmweltthematiken a konkret Projete proposéiert. Wormer ass eng vun 67 Gemengen, déi op d'Servicer vum EBL abonéiert ass.

**Wat sinn "kleng Schrëtt"?** De Projet "kleng Schrëtt" ass den 1. November 2020 offiziell gestart an ass eng Sensibiliséierungscampagne iwwer verschidden Ëmweltthemen. All zweete Mount gëtt een anere Sujet opgegraff. A Kooperatioun mat senge Partner natur&ëmwelt an der Beweegung Youth For Climate Luxembourg, koordinéiert d'EBL dëse Projet.

Mat hirem Infomaterial (Infografiken, Quizzer, Ëmfroen, Fakten, Spiller, Challenge-Kärtercher) forméiert d'Gemeen Wormer iwwert kleng Aktiounen, mat deene jidderee sech fir eng besser Ëmwelt kann asetzen. Well et ass falsch ze behaapten, datt een Eenzelen näischt fir den Ëmweltschutz ka maachen! Begleed gëtt dëst Kommunikatiounsmaterial vun der Internetsäit www.klengschrëtt.lu

**Wisou déi "kleng Schrëtt"?** Déi kleng Schrëtt gehéieren zur Mesure 6.4 vum Klimapakt Mesurenkatalog «Kommunikatioun a Kooperatioun mat der Bevëlkerung» a sinn soumat immens interessant am Kader vum Klimapakt 2.0.

**Wéini?** Eis kleng Schrëtt fir eng besser Ëmwelt sinn de 5. Mäerz an hir 1. Ronn gaang.

All Freiden heescht et elo: **E klenge Schrëtt um Freiden, e grousse Schrëtt fir d'Zukunft!**

Passend zum Thema, fuerdere mir Iech dann an engem Facebook-Post eraus e klenge Schratt a Richtung Klima- an Ëmweltschutz ze maachen. Mat enger souwuel eeschter wéi och spillerescher Approche wëlle mir eis Bevëlkerung um Ball halen an dozou bréngen reegelméisseg hirt Konsumverhalen a Fro ze stellen. Huelt den Challenge un a probéiert déi kleng Aktiounen déi dir virgeschloen krit.





## AM FOKUS

| | |
|---|---|
| November/Dezember | Manner Plastik |
| Januar/Februar | Richteg Hëtzen |
| Mäerz/Abrëll | Ouni Pestiziden |

# Jetzt im Buchhandel



inklusive Poster







- Hardcover mit Schutzumschlag
- Format 165x235 mm
- 560 Seiten
- Lexikonteil mit Text-und Bildreportagen, Meilen-steine und Sektionen der Vereinigung
- ISBN : 978-2-9199511-3-0

100 Jahre natur&ëmwelt, das sind 100 Jahre Einsatz für die luxemburgische Natur. Es ist eine Geschichte über Meilensteine und engagierte Menschen, über das Zusammenwachsen und Weiterdenken. Dabei prägen viele verschiedene Inhalte, Projekte und Partner die Arbeit der a.s.b.l. Doch wie in einem Ökosystem sind sie alle auf vielfältige Weise miteinander verbunden. Mit locker aufgebauten Bild-und Textreportagen darf der Leser ein bisschen tiefer in die Materie eintauchen. Jedem Buch liegt ein doppelseitiges ABC Poster bei.

* Das Buch ist für 45 € im Shop nature im Haus vun der Natur in Kockelscheuer, im Biodiversum und in jeder gut sortierten Buchhandlung erhältlich. Sie können es auch durch eine Überweisung von 50 € (Verkaufspreis plus 5€ Versandkosten) auf CCPL LU50 1111051131120000 bestellen. Bitte vergessen Sie hier nicht ihre Postadresse mitanzugeben.
Mitglieder von natur&ëmwelt erhalten es für 35€ nur im Shop nature.

# ADMINISTRATION COMMUNALE DE WORMELDANGE

ANNUAIRE ■ 95, rue Principale L-5480 Wormeldange ■ 76 00 31 - 1 ■ www.wormeldange.lu

**Collège des Bourgmestre et Échevins**

Mathis AST
Max HENGEL
Martine SCHMIT

| SECRÉTARIAT COMMUNAL | secretariat@wormeldange.lu | Téléfax 76 84 92 |
|---|---|---|
| Secrétaire communal | Jean-Jacques HELLERS | 76 00 31 - 1 |
| Secrétariat | Sarah REUTER | 76 00 31 - 300 |
| | Lynn KETTEL | 76 00 31 - 317 |
| | Steve NEISES | 76 00 31 - 307 |
| Communication et Relations Publiques | Lis STEINMETZ | 76 00 31 - 335 |

| BUREAU DE LA POPULATION | population@wormeldange.lu | Téléfax 76 84 92 |
|---|---|---|
| État Civil, Indigénat | Marie WALLERS | 76 00 31 - 301 |
| | Pascal WELTER | 76 00 31 - 309 |

| SERVICE TECHNIQUE | technique@wormeldange.lu | Téléfax 76 00 31 - 316 |
|---|---|---|
| Ingénieur technicien | Carlos CANAS | 76 00 31 - 306 |
| Technicien diplômé | David CAPALDINI | 76 00 31 - 314 |
| Technicien diplômé | Jeff SCHNEIDER | 76 00 31 - 355 |

| RECETTE COMMUNALE | recette@wormeldange.lu | |
|---|---|---|
| Receveur communal | Robert GODART | 76 00 31 - 303 |

| URGENCES TECHNIQUES | |
|---|---|
| Eau | 76 00 31 - 347 |
| Voirie | 76 00 31 - 342 |
| Bâtiment | 76 00 31 - 352 |

| AUTRES | |
|---|---|
| Centre forestier | 24 75 66 98 |
| Ecole fondamentale | 621 35 57 13 |
| Maison Relais | 76 06 03 - 300 |
| CIS Wormer | 49 771 - 47 96 |
| Police Wormer | 24 47 12 00 |

# - IMPRESSUM -


DIRECTION DE LA PUBLICATION
Collège Échevinal

GRAPHISME ET PRODUCTION
Lis Steinmetz

PHOTOGRAPHIE
Carlo Rinnen, Fernand Dax, Visit Moselle, François Neumann, Service interne

MISE EN PAGE
Lis Steinmetz

RÉDACTION
Collège Échevinal, Martine Kohll, Lis Steinmetz

CORRECTION ET RELECTURE
Collège Échevinal, Armand Becker

IMPRESSION
Imprimerie OSSA

QUANTITÉ D'IMPRESSION
1250 exemplaires

FSC
www.fsc.org
MIXTE
Papier issu de sources responsables
FSC® C008551

OS
PRINTED IN LUXEMBOURG

PERFORMANCE
myclimate
neutral
Imprimé
01-18-878020
myclimate.org

WORMELDANGE

d'Rieslingsgemeen

wormeldange.lu